



N° 4374
Reçue le 28.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.05.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/05/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohaltëg
Entwécklung weiderzeleeden.**

D'SuperDrecksKëscht bitt säit kuerzem EcoBoxen un, weiderverwäertbar lessensbehälter
déi virun allem am HORECA Secteur sollen hëllefen, lessensverschwendung ze vermeiden
a Verpackungsmüll ze produzéieren. An der Rahmenvereinbarung mat der
SuperDrecksKëscht ass ze liesen, dass ee Betrib respektiv "einen Einrichtung" dierfe bei
der Aktioun matmaachen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Dierfen och Veräiner op ECOBOXen fir hir Memberen zréck gräifen, och wann et sech
dee Moment net ëm eng Firma handelt, an se net onbedéngt eng professionell
Spullmaschinn, fir d'Wäsche vun den ECOBOXen hunn?
Falls nee, denkt de Ministère drun, dës Aktioun och op Veräiner an Associatiounen
auszewäiten?
2. Wéi vill ECOBOXen sinn aktuell am Ëmlaf?
3. Kann d'Ministesch Informatiounen zu de Käschte vun der Aktioun ginn? Wat fir ee
Käschtepunkt ass fir dat éischt Joer vun der Aktioun virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 29 juin 2021

Service central de législation

Monsieur Marc Hansen

Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°4374 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4374 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable



Carole Dieschbourg

Äntwert vun der Ministesch fir Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°4374 vum 28. Mee 2021 vun den éirewäerten Députéierten Här Sven Clement iwwert d'Auswäitung vum Projet ECOBOX

- 1. Dierfen och Veräiner op ECOBOXen fir hir Memberen zréck gräifen, och wann et sech dee Moment net ëm eng Firma handelt, an se net onbedéngt eng professionell Spullmaschinn, fir d'Wäsche vun den ECOBOXen hunn? Falls nee, denkt de Ministère drun, dës Aktioun och op Veräiner an Associatiounen auszewäiten?**

D'ECOBOX kann och vu Veräiner genotzt ginn. Hei ginn et verschidde Méiglechkeeten:

- D'Gemeng huet eng gewëss Zuel vun ECOBOXen a stellt se hire Veräiner zur Verfügung. (Hei läit Responsabilitéit vum Stockage an Handling bei der Gemeng.)
- De Veräin huet selwer eng gewëss Unzuel vun ECOBOXen op Stock.

Virum a nom Gebrauch mussen d'ECOBOXen professionell gespult ginn. (z.B. Spullweenchen oder eng stationär professionell Spullmaschinn z.B. an de Gemengegebaier, Centre Culturel, Kichen an der Schoul,...)

Déi drëtt Méiglechkeet ass iwwert een externen Déngschtleschter, no hire Konditiounen, d'ECOBOXen ze lounen. Hei ass eng professionell Spullmaschinn sur place net néideg, well se einfach ofgespult kënne bei den Déngschtleschter zréck goen, deen iwwert déi néideg Spullmaschinn verfügt. Hei huet d'SuperDrecksKëscht (SDK) Kontakt mat verschiddene Firmen opgeholl fir datt déi déi Servicer ubidden. Et ginn éischt positiv Retoure vun Entreprises déi préifen fir an Zukunft op der ECOBOX esou een Service opzebauen.

- 2. Wéi vill ECOBOXen sinn aktuell am Ëmlaf?**

Op Stand 4. Juni 2021 sinn 84.310 ECOBOXen ausgeliewert ginn.

- 3. Kann d'Ministesch Informatiounen zu de Käschtchen vun der Aktioun ginn? Wat fir ee Käschtchenpunkt ass fir dat éischt Joer vun der Aktioun virgesinn?**

D'Associatiounen kënnen elo schon d'ECOBOX notzen via eng vun den dräi Méiglechkeeten, wéi uewe beschriwwen.

Déi lafend Käschtchen vun der Aktioun ECOBOX zanter dem Joer 2018 waren:

2018: 258.541,60 Euro

2019: 141.373,84 Euro

2020: 157.687,65 Euro